N°3757
Entrée le 13.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 3757 vum 11. Mäerz 2026 vun den Hären Deputéierten Jeff Boonen an Emile Eicher.**

Déi honorabel Deputéiert stelle Froen am Kader vun der Organisatioun vum praktesche Führerschäinsexame vun der Kategorie F.

*<u>Fro 1: Ass d’Madamm Ministesch der Meenung, datt eng dezentraliséiert Léisung kéint verhënneren, datt schwéier a méi lues Maschinnen Haaptverkéiersachsen blockéieren an doduerch de Verkéiersfloss verbessert gëtt?</u>*

An dësem Zesummenhang ass ze präziséieren, dass et an de leschte Joren nëmme wéineg praktesch Exame fir de Führerschäin vun der Kategorie F (Trakteren a Maschinne mat engem eegenen Undriff mat enger maximal zougeloossener Gesamtmass vu maximal 12.000kg) gouf, an dass dës Zuel och an de leschte Jore relativ konstant bliwwen ass. Esou ginn normalerweis tëschent 100 an 125 Examen pro Joer op den 3 Sitte vun der SNCA ofgehalen. Dat entsprécht am Schnëtt nëmmen ongeféier tëscht 0,60% an 0,70% vun der Gesamtzuel vun alle prakteschen Examen.

Am Joer 2025 goufen 114 Exame vun der Kategorie F duerchgefouert, wat 0,62% vun der Gesamtzuel vun de praktesche Führerschäinsexamen zu Lëtzebuerg ausmécht. Opgrond vun dëser klenger Zuel vun Examen an dëser Kategorie, muss een den Impakt op den Verkéiersfloss relativéieren.

Doriwwer eraus sief drop higewisen, dass déi maximal Vitesse vu 25 km/h op déi Referenz an der Fro gemat gëtt, just fir d’Maschinne gëllt. Trakteren dogéint kënne esou séier fuere wéi de Code de la Route et op de jeeweilege Plazen zouléisst. De Fait, dass d’Trakteren also am normale Verkéiersfloss matfuere kënnen, relativéiert weider d’Perceptioun vun engem signifikanten Impakt vun dësem Examen op de Verkéiersfloss.

Wat elo déi dezentraliséiert Organisatioun ugeet, esou huet dës schonns zanter ville Joren net méi de Besoinen um Terrain entsprach. Sitte wéi zum Beispill Clierf a Réiden gi schonn zanter ronn 14 Joer net méi fir d’Organisatioun vu prakteschen Exame genotzt. Eenzeg de Site vu Wolz war nach aktiv bis och dëse Mëtt Juli 2023 zougemat gouf. D’Zentraliséierung déi 2023 ëmgesat gouf ass domatter an der Kontinuitéit vun den Entwécklungen, déi scho säit längerer Zäit ageleet goufen.

Dës Strategie vun der Zentraliséierung déi zanter Juli 2023 ëmgesat gëtt, baséiert op Ziler vun Effizienz, Qualitéit a Standardiséierung. D’Organisatioun ronderëm déi dräi Standuerter Sandweiler, Esch-Uelzecht a Fridhaff erlaabt et nämlech fir:

- d'Notzung vun de mënschlechen a finanzielle Ressourcen ze optiméieren andeems d'Déplacementer reduzéiert an de Planning vun den Examensessiounen verbessert ka ginn, homogen Examensbedéngunge fir all Kandidatin a Kandidat ze garantéieren, an dat onofhängeg dovunner wou ee wunnt,
- d'Konformitéit mat de gesetzlechen Ufuerderungen an e konstante Qualitéitsstandard ze garantéieren,
- d'Sécherheet vun den Examen mat Hëllef vun ugepassten an iwwerwaachten Infrastrukturen ze verbesseren,
- d'Organisatioun vun den Examen op administrativem a logisteschem Plang ze vereinfachen, besonnesch wat d'Gestioun vun de Pläng, dem Material an de Suivi vun de Kandidatinnen a Kandidaten ugeet,
- eng besser Adaptatiounsfäegkeet am Fall vu Schwankunge béi der Demande oder organisatoresche Contrainten ze erméiglechen.

*Fro 2: Kann d'Madamm Ministesch sech virstellen, am Kader vun enger Flexibiliséierung vun der Organisatioun vum prakteschen Examen, erëm temporär oder periodesch Examen op verschiddene regionale Standuerter unzebidden, besonnesch a landwirtschaftlech gepräägte Regiounen?*

Wéi schonn an der Äntwert op déi éischt Fro geschriwwen, zielt déi aktuell Organisatioun op eng méiglechst héich Effizienz a Qualitéit vun den Examen. Natierlech gëtt awer och gekuckt fir hei d'Zefriddenheet vun de BiergerInnen mam Service am Aen ze behalen.

Och wann d'Exame vun der Kategorie F wéi beschriwwen nëmmen e ganz klengen Undeel vun allen Examen ausmaachen, an et sech bei dësen Examen ëm eng eemoleg Etapp am Liewe vun de Kandidatinnen a Kandidaten handelt, versteet d'SNCA awer, dass laang Strecken déi mat Trakteren oder landwirtschaftleche Maschinne musse gefuer ginn, bestëmmte Contrainte mat sech brénge kënnen.

An dësem Kontext wäert gepréift ginn a wéi wäit eng gezielten Upassung vun der Organisatioun vun dësen Examen kéint envisagéiert ginn, notamment duerch e méi flexibele Planning oder d'Ëmsetzung vu punktuellen an temporäre Léisungen, woubäi awer drop muss opgepasst ginn, dass dobäi déi fundamental Grondprinzipien vun der aktueller Strategie (Effizienz an der Notzung vun de Ressourcen an d'Garantie vun engem héije Qualitéits- a Sécherheetsniveau) net a Fro gestallt ginn

Aus Uewe genannte Grënn gëtt dofir eng generell Re-Dezentraliséierung zum aktuelle Zäitpunkt weder als néideg nach als optimal Léisung ugesinn.

D'SNCA bleift gläichzäiteg selbstverständlech opmierksam wat d'Entwécklungen um Terrain ugeet, a weist sech oppe fir all pragmatesch Upassungen déi d'Konditioune fir d'Kandidatinnen a Kandidate ze verbesseren, ouni natierlech d'Grondlage vun der aktueller Strategie a Fro ze stellen.

Lëtzebuerg, den 13. Abrëll 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes